

VARIA

Les juristes ont fêté leur patron Saint Yves

Lundi dernier, les juristes ont fêté leur patron, saint Yves, par une sainte messe célébrée en l'église Saint-Michel par Monseigneur Jean Hengen, ancien archevêque de Luxembourg, aumônier de la Conférence Saint-Yves.

Dans son homélie de circonstance, le Révérend Père Jacques de l'Arbre a interpellé les juristes nombreux, à leur tête le ministre de la Justice Marc Fischbach:

Connaissions-nous Dieu - wien as den Herrgott - de liewegen Herrgott? Arriver à connaître Dieu n'est pas facile. Mais Dieu nous a donné un avocat de choix...

La fête continua suivant la tradition à la Brideler Stuff par un apéritif-accueil pour les jeunes avocats de la cuvée 1995 suivi du banquet de la Saint-Yves. Le président de la Conférence Saint-Yves, Francis Delaporte, a pu souhaiter la bienvenue à une large assemblée d'une centaine de juristes autour de Mgr Hengen, du ministre Fischbach, des anciens commissaires de la Commission de l'UE, maîtres Nic Mosar et René Steichen, et de nombreuses personnalités du monde judiciaire.

Rappelant les engagements de saint Yves, le président s'est félicité de ce qu'une revendication ancestrale de la Conférence Saint-Yves - l'institution formelle du contrôle de la constitutionnalité des lois est sur le point d'être instaurée définitivement suivant des concepts proposés par la conférence, voire son intermédiaire: n'est-ce pas la Conférence Saint-Yves qui, en 1987 déjà, avait invité de doyen Francis Delapérée à exposer - lors de la journée de la Constitution - ses idées sur les amendements à apporter à notre Constitution?

Rappelant notamment les contributions de la Conférence Saint-Yves en matière de réforme relative à l'introduction du juge de la mise en état, le président a plaidé pour une large ouverture du champ de vision des juristes et ainsi introduisit l'oratrice du banquet de la Saint-Yves, Me Françoise Thoma, avocate au barreau de Luxembourg.

C'est avec brio que la jeune juriste a exposé sous une optique luxembourgeoise, les problèmes et perspectives de la conférence intergouvernementale de 1996 (CIG). En partant des dispositions du Traité de Maastricht, sujettes à révision en 1996, que l'oratrice a évoquées en des termes clairs et pertinents, elle scruta l'horizon des domaines

qui s'annoncent être probablement à l'ordre du jour de la CIG au-delà des dispositions formelles du traité.

Elle a analysé avec lucidité la question de la notion juridique de l'Union européenne de demain et les incidences nécessaires et incontournables pour le Luxembourg au sein de l'Union.

Des applaudissements nourris ont souligné la qualité exemplaire du discours de Me Thoma, lequel sera publié dans une des prochaines éditions du bulletin de liaison de la Conférence Saint-Yves (éditeur responsable: Me Albert Mangen, 5, rue de la Reine, L-2418 Luxembourg).

Ce fut au ministre Marc Fischbach d'adresser un message gouvernemental de fête à l'assemblée en insistant sur l'importance de l'Union européenne et des traités en général, et du troisième pilier, celui de la justice et des affaires intérieures en particulier, notamment pour les juristes.

Autour d'une table bien garnie, bénie par Mgr Hengen au nom de saint Yves, le patron des juristes a été dignement fêté dans une ambiance d'entente conviviale et d'amitié.



43 Personen der Jahrgänge 1942-1946 aus Strassen waren dem Aufruf zum Konveniat gefolgt und hatten sich am 29. April getroffen. Nach einem Empfang mit Ehrenwein in der Gemeinde durch Bürgermeisterin Gaby Leitem besuchten die Teilnehmer die Ausstellung der beiden Strassener Künstler Ben Heyard und Raymond Weiland im Kulturzentrum „A Spiren“. Eine Besichtigung der alten Schule, die an manche herrliche Stunden erinnerte, wollten die Teilnehmer sich nicht entgehen lassen. Hierauf folgte ein gemütliches Beisammensein in der Brasserie Broutgaass.

Manifestations

Why Not zu Gréiwels 2. Juni

28. MEE ZU WÉNTGER Mini-Playback-Show mam Bas am Jury: Sandie Lahure, Théa Engel, Roger Leiner, Luss Czuga Res. fir d'lessen 9 46 84 - Org. D'Wéntger Musik

Horror-Trip XIV Rallye Pédestre den 3. Juni BRUCH/MIERSCH Départ 18-21 Auer um Footballterrain Org.: Bricher Suebelmouken

Groussbus. - Kirmes-Bal, Pâitschsondeg am Centre Culturel zu Groussbus, organisierert vun der Musik Fir gudd Laun suert den Orchester Los Muchachos.

ETTELBRECK Daichhal Pâitschsamsdeg 3 Juni 1995 WALLSTREET Org. BBC Etzella / Supporter Club

Haut Samschdeg 27. Mee DISCO PARTY zu HABSCHT am Centre Polyvalent Org. C.S. Habscht

MERTERT Wäifest am Zelt 3. Juni 10. Juni KING STARS CHALLENGERS Org. Dësch-Tennis

Folscht. - Groussen Tournois-Bal e Samschdeg, de 27. Mee, zu Folscht am Café Decker. Orchester: Joseph Stump. Org.: Haren-equipe vu Folscht.

Noojem. - D'Musek lued an op hire Musekswend e Samschdeg, de 27. Mee 1995, am Festsall. Em 20.15 Auer Concert vun der Folschter Musek. Duerno em 21.15 Auer Concert vun der Päreler Musek. Den Entrée as fräi. Koteletten an Thüringer.

Hépperdang. - Kirmes zu Hépperdang, Pingstsonndig, de 4. Juni. Em 14.45 Auer Kirmes-Foussballmatch, et spillen den FC Blo Giel Hépperdang géint den FC Etzella Ettelbréck. donoter presentéiert d'Fanfare Concordia Hépperdang hire Kirmes-Concert am neie Sall zu Hépperdang, do wou owes de bekannte Waltz - a Marsch-Orch. „Brazil-Quintet“ spillt. Org.: „Entente Hépperdang“.

In den Kinos der Hauptstadt

- Cité 1: „101 Dalmatiner“ um 13.45 und 15.45 Uhr, „The Hunted“ um 17.45, 19.45 und 21.45 Uhr, Cité 2: „I.Q.“ um 13.30, 15.30, 17.30, 19.30 und 21.30 Uhr, Cité 3: „Un Indien dans la ville“ um 14.00, 16.00, 18.00 und 20.00 Uhr; „Just Cause“ um 22.00 Uhr, Cité 4: „Demon Knight“ um 14.00, 16.00, 18.00, 20.00 und 22.00 Uhr, Cité 5: „Forrest Gump“ um 20.30 Uhr; „Richie Rich“ um 14.15, 16.15 und 18.15 Uhr, Utopia 1: „Kiss of Death“ um 19.30 und 22.00 Uhr; „Outbreak“ um 17.00 Uhr; „La cité des enfants perdus“ um 19.30 Uhr, Utopia 2: „La cité des enfants perdus“ um 18.00 und 20.00 Uhr, „Andie“ um 14.00 Uhr; „Kiss of Death“ um 16.00 Uhr; „Outbreak“ um 22.00 Uhr, Utopia 3: „Bullets over Broadway“ um 19.00 Uhr; „Legends of the Fall“ um 21.30 Uhr; „The Jungle Book“ um 14.00 und 16.30 Uhr, Utopia 4: „Boys on the Side“ um 16.45 und 19.15 Uhr; „Legends of the Fall“ um 14.00 Uhr; „Immortal Beloved“ um 21.45 Uhr, Utopia 5: „Little Nemo“ um 14.15 Uhr; „L'appât“ um 16.30 und 21.30 Uhr; „Fresa y Chocolate“ um 19.00 Uhr, Marivaux: „Il Mostro“ um 16.00 und 22.00 Uhr; „Dumb and Dumber“ um 14.00, 18.00 und 20.00 Uhr.

Zeltfest zu IZEG beim Fussballsterrain Life Style haut Samschdeg den 28. Mee

Zeltfest am Prëtzerdau 27. Mee WALLSTREET

Kaundorf. - Kirmesbal an der Scheier zu Kaundorf, Pâitschsonndig, de 4. Juni 1995, mam Orchester: „Seppi“. Org.: CDJK.

Wéntger. - Mini-Playback-Show e Sonndig, den 28. Mee, mat 15 kleng Kunstler a Gruppen. Moderation: Bas Schagen. Jury: Lucien Czuga, Sandie Lahure, Théa Engel, Roger Leiner. Afank: 14 Auer. Org.: D'Wéntger Musik.

Weiler-la-Tour. - Grillfest um Schlammestee, de 27. an 28. Mee 1995. Sonndes mueres Aperitif a mettes vu 15 bis 18 Auer Live Music. Org.: FC Weiler-la-Tour.

27. Mee WHY NOT ZU WÉNTGER

Tratten. - Pâistweekend zu Tratten e Fregdig, den 2. Juni, Jugendentreff mat „No Reason“, e Sonndig, de 4. Juni, Bal mat „Why Not“. Org.: Jeunesse Tratten.

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Et wor esou em d'Pâischten 't stong alles an der Bléi, an d'Villercher déi songen hir Lidder spéit a fréi.

Dat as den Ufank vum Michel Rodange séngem „Renert“; déi Zäit wou hien um Renert kalenert a gedicht huet, war de Rodange „piqueur“ zu Wolz, also eng Zort „Stroosse-Meeschter“. Wien d'Éislek em d'Pâischte kennt, dee versteet dem Rodange séng Begeeschterong, an och datt just do bei dësem Talent „d'Fliichten“ esou grouss opgaang sin.

As et ower nêt schued, datt mir ewell bei deer 3. Stroff vum „Renert“ an d'Labberänte gero-den, well do vu „Mitock, Mësch a Kréi“ rieds geet... mir hu bal keng Ae méi fir d'Natur, an domat geet äis och d'Natur - Sprooch ëmmer méi verluer. Just an dese Woche kënnt mir ower dofir och kéipweis Sprooch bei de Blummen, de Planzen, de Beem an Hecken, dem Gedéiesch an de Villercher erëm-fannen. Vlächit wir och e Bichelchen dorwiher op d'mannst esou vill wert ewéi eng „Schlâiss“ Nintendo-Computer. Wou Dir

Hir genee Adressen:

- Panda-Club, Musée d'Histoire Naturelle L-2345 Luxembourg
- Redaktioun „Panewippchen“ L-2160 Lëtzebuerg

ACTION LËTZEBUERGESCH EIS SPROOCH Adressen: Breedewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg Postkëscht 98 L-2010 Telephone 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89 Cotisation/Mëmbel: 500 Frang d'Jor Postscheck: 6644-48



Redactioun fir d'Klack: de Comité Norbert Zeches Paul Wilmes Jeannine Theis-Kauth Erem Redactioun fir d'Klack N. 14 (29. Juni) mir an...Dir! Thema: e Summer wéi eng Saang...

E Sprooch-Monument fir d'Kulturjor 1995: déi 150 Psalmen op Lëtzebuergesch!

Déi allermeescht Lëtzebuurger kennen d'Psalmen - a vlächit nach nëmnen eng gutt Dosen - duerch d'kathoulesch Kiirch, vrun allem duerch d'Vesper. Deenen aller-mannst as bekannt, datt et sech hei nêt em eppes speziell Chrëscht-kathoulesch, mä em Texter vum hebräesche Vollek handelt. Si waren also am Urtext nêt op Latäin, och nêt op Griechesch, mä op Hebräesch, a sin ewell ronn 300 Jor viru Christus an d'griechesch Sprooch iwersat gin, duerno aus dem Griechesch an d'Latäin, am 16. Jorhonnert an d'Franséisch, och an d'Däitsch, an d'Englesch, an aner Sproochen... an 1995 kommen déi 150 Psalmen op Lëtzebuergesch!

D'Psalme sin e Monument vun der Weltlitteratur a mat Sécherheet keng pur Kiirch-Saach, ma religiöus Texter am déifste Senn vun Wuurt: „religere“ heescht „verbannen“, an zwar mam ieweschten

Här vun Himmel an Aerd, Dofir fanne mir d'Psalmen an alle sou-genannte „monotheistesche“ Reliounen (= ee Gott) an och an deene meeschte Gebidder vun der Konscht erëm: Dichtung, Musek, Molerei a Skulptur. Ob een en Hergott gleeft oder nêt, egal ënner watfir engem Numm, d'Psalme schwätzen a verzielen äis aus der Däischtert der Angst, dem Respekt vun de Jordausenden eraus; si gehéiere bei de „Stack“ vun der Mensech, vum Mensch séngem déifsten an héichsten Denken a Verlaangere.

Op Lëtzebuergesch sin en etlech Texter aus de Psalmen an de 70er Jore vun de Joffere Schroell iwersat gi gewiescht, ma nêt „systematesch“. Elo kenne mir eng Iwersetzung an eiser Sprooch brengen, déi et ouni Féischten och mat de Psalmen-Texter an aneren, nêt-laténgesche Sproochen, ophuelt kann. Déi Hare Professere Raymond

Schaack a Felix Molitor hun déi komplett Psalmen an eis Sprooch iwersat; si hun sech dobai nêt un déi „modern“ Sprooch gehal, mä un „d'Ur-Sprooch“. Dobai as e Lëtzebuergesch erauskomm, bei deem ee plazeweis richteg paff as... eis Sprooch as nêt esou aarm wéi mir sprooch-aarm sin!

De Comité vun der Action - Lëtzebuergesch huet dofir decidéiert, fir hire Mëmbren d'Psalmen an eiser Sprooch als Cadeau a Monumenteesten fir „eist Kulturjor“ ze maachen. Dat kascht de Verain eng déck „Staang“ Geld... mä et as op vill Manéieren dowäert. D'Buch kritt em déi 320 Saiten; et kënnt als eisen Ofschloss vum Kulturjoer am November eraus. Mëmbel bai der AL git Dir d'ganzt Jor duerch iwer all eis Adressen, déi Dir op deser „Klacke-Sait“ fannt.

L.R.

Dem Michel Rodange säi Geburtshaus

Wësst Dir wou dat as? An enger vun de schéinste Gegende vum Land... déi ower ee Gléck nach duerch näischt „touristesche“ ogetackelt as ewéi e Pâischt-Ochs. D'Gemeng as Waldbëlleg, an deer iwregens och eent vun eise schéinsten Dierfer läit: Chrëscht-nech. Verwiesselt ower Waldbëlleg beileiwen nêt mat Waldbriedemes op der Musel, do fannt Dir dem Rodange säi Geburtshaus doutsécher nêt.

Industrien oder grouss Geschäft. Den Här Gérard Bender, e jonken, intelligenten an dynamische Buergermeeschter an séng Leit hun Iddien a wëllen alles maachen, fir eisem gréissten Dichter säin Heemechtshaus ze halen, ze erhalten... nêt hinnen eleng, äis alleguer! Mir hun äis laang mam Här Bender ënnerhal... an hu wëlles, mat alle Leit an d'Gespräch ze kommen, déi en Hiewel an eng Hand mat upake kënnen a wëllen. Mir kennen déi, déi ee kennen an déi der kennen, déi déi richteg kennen. Eis Kultur huet vill Plaz an der Stad... mä si huet nêt do ugefaang an hält och nêt do op. Mir hu fest versprach, äis em d'Nannets-Haus ze bekëmmere, a mir halen dat och!

P.W.

De Summer kënnt...

- mat grouss Schrëtt tëscht Ginzefaaklen op äis duer D'Sonn huet ewell de laangen Tour Lichtfankeg flutt e Päipték freien alt hier alt duer wuer grad de Wand en dréit Den Neelchesstack méi Blumm wéi Bleeder lackelt Beien op Besuch D'Pâischtrosch bascht aus allen Nët An iwer d'Mëttesstonne prouft den ale Pann op sénger Flütt säin éiweg selwécht Summerlidda Jeanine Theis-Kauth



Dëst Bild as aus dem Frantz Kinnen séngem wonnerscheine „Renert a Bille“ (1972)

Madame hut Dir Afennëss?

Wor ech jo nêt dëslescht an engem Buttek an hu ganz manéierlech no Afennëss gefrot. Dat hätt dir misse gesin, wat ech do bekuckt gi sin, wéi wann ech vum Mound kéim. Ech duecht, d'Madame war nêt vun hei, a sot: des cacahuètes s'il vous plaît? Hei, o Winner, si huet mech verstan a frot dun, op gutt Lëtzebuergesch: „Hätt den Här gâr gesalzener oder gebranntener.“ Hei hu mir nës en typesche Fall, wou flott an einfach Wieder an de Vergiess kommen; oder fannen d'Leit et méi chic, wann ee mat

frieme Wieder oder Ausdréck em sech pucht? Alles schéin a gutt, mä da muss een dat och mat deem richtigem Accent betounen. Caca-huète gët w.e.g. nêt op der éischer Silb betount, soss laachen d'Fransousen an Dir sid klasséiert. Well Caca-Houette as nêt Cacahuète. Schwätzt w.e.g. sou wéi iech de Mond gewuess as, a gebraucht och Wieder, déi op äre Mond passen. Mir sin alleguer houfreg op onst „Fixfeier“ oder solle mer vlächit do och no „Allumette“ froen?

R.M.

Eis Sprooch um DNR vu méindes bis freides no 11 Auer

Bimbam

„Wann ech an der Lotterie gewonnen, da kafen ech mir schéin nei Kleeder“, sot eng Fra zu hirem Mann. - „A wann s Du näischt gewënns?“... „Ma da keefs Du se.“ „Du solls Dir e Beispill un eisem Noper huelen, Edy; all Muere wann deen doheem erausgeet, gët dee sénger Fra e Kuss; firwat méchs Du Stoffel dat eigentlech nêt?“... „Ma Stippchen, ech kennen déi Fra dach knapps!“ „Emil, 't gët déck Zäit, dass Du eis Zaloteplanzen emol netze gees!“ - „Ma Stupp, hues Du dann nêt ausgekuckt; et schët dach ewéi mat Eemerer?“... „Keng faul Ursachen, dann dees Du de Reenmantel un!“ „Op enger Septième probéiert e Mathës-Proff, sech selwer ze bedauern: „Dir sid esou miserabel am Rechnen, datt op d'mannst 70 Prozent vun iech eng Datz verdénge géifen!“... Hei mault een hannen aus der Klass: „Wat eng Topeg, zu souvill si mir jo emol guer nêt!“